

ESCHER GEMENGEROT



Séance du Conseil communal du
vendredi 23 octobre 2009

WWW.ESCH.LU


26, rue Emile Mayrisch L-4240 Esch-sur-Alzette T. 547383-496

Bibliothèque municipale



www.esch.lu

bibliotheque@villeesch.lu



Heures d'ouverture

Lundi		14.00-17.00
Mardi	10.00-12.00	14.00-17.00
Mercredi		13.30-17.00
Jeudi	10.00-12.00	14.00-17.00
Vendredi		15.00-19.00
Samedi	10.00-12.00	



Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Henri Hinterscheid – M. Frunnes Maroldt

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	5
4. Accès Eduroam pour la communauté universitaire, de l'éducation et de la recherche via le réseau HotCity:	5
a) informations;	
b) contrat avec la Fondation Restena; décision	
5. Garantie communale pour les investissements de Südstroum:	6
a) informations;	
b) contrat de garantie envers la BCEE; décision	
6. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	15
7. Montres en or; décision	15
8. Modifications budgétaires; décision	15
9. Contrats de bail; décision	16
10. Subsidés extraordinaires; décision	16
11. Transaction immobilière; décision	17
12. Devis; décision	17
13. Office social; renouvellement d'un cinquième; décision	17
14. Commissions consultatives; modification; décision	18
15. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	18
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 23 octobre 2009	19



Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 23. Oktober 2009

2. Information au public des décisions de personnel

Résiliation de contrats de travail.

1) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1er janvier 2010, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Marie-Paule Keller ép. Mahnen, affectée à la crèche Spillhaus Parc Laval.*

2) *Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1er octobre 2009, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Deister Fabienne ép. Krings, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.*

3) *Résiliation avec effet au 15 septembre 2009 du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec les chargés de cours renseignés ci-après. Il s'agit en l'occurrence de chargés de cours engagés à durée indéterminée par la Ville avant l'entrée en vigueur de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental.*

MUNHOWEN Danièle

PEPORTE Jean

SANTOS Angela

SCHACK Marc

SCHMITZ Léa

SIMON Aimée

THILL Monique

VON DER HEYDEN Iris

WASSERMANN Nicole

WEISGERBER Claude

WEYRICH Danielle

ZIGRAND Marie-Paule

ZIMMER Fabienne

BIANCHINI Leslie

CHARPENTIER Gérard

DIDERICH Jeannine

FERRETTI Olivier

FINZI Patricia

GAETTI Zoltan

GIGLIO Christiane

KAYL Philippe

KAYSER-PANTALEONI Gabrielle

LOOS Steve

MARIN Anda

MARNACH Claude

MOYEN Rosabel

Motif : Reprise par l'État dans le cadre de l'exécution de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Den Här Jaerling huet sech d'Wuert gefrot.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, zum Ordre du jour.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Ah, zum Ordre du jour. Jo.

Aly Jaerling (Indépendant): Punkt 5. Et ka jo net sinn, dass Dir hei vun eis verlaangt, mer sollen hei délibéréieren iwwer en Emprunt vun 11 Milliounen Euro ouni dass mer iwwerhaapt e Bilan vun där Gesellschaft do virleien hunn. Also ech hätt gär, dass dee Punkt ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Ech géng proposéieren, dass Dir dat beim Punkt 5 kënnt soen.

Aly Jaerling (Indépendant): Ma nee, ech hätt jo gär dee Punkt 5 vum Ordre du jour erof bis mer ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Ah, da stëmme mer driwwer of.

Aly Jaerling (Indépendant): Well mer net Ënnerlage genuch hu fir driwwer ze befannen. A mer hätte gär de Bilan hei als Gemengerot leien, wat déi Gesellschaft da vun Avoiren huet, wéi se fonctionnéiert a wéi d'Zukunft ausgesäit. Dat hu mer alles net hei leien. Do gesinn ech net a wisou dass mer haut en connaissance de cause kënnen iwwert esou eppes befannen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Gutt. Ech wollt de Ressortschäfte froen, ob hien à ce stade scho wëll eng Explikatioun ginn iwwert d'Noutwendegkeet fir et drop ze loossen?

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Zweekuerz Wieder als Äntwert. Ob kee Fall erfroen, dat wär fir eis Sociétéit ganz schlecht. D'Sociétéit muss dringend iwwert déi

normal Finanzinstrumenter do kënnen verfüge fir kënnen Stroum ze kafen. De Stroum deen am Moment op de Bourse weltwäit, iwwert déi lescht 5 Joer gekuckt, historesch déif ass. Mir musse kënnen elo relativ vill Stroum kafen, dofir muss awer d'Sociétéit kënnen iwwer Liquiditéit verfügen an iwwer Ligne de crédit. Dat heescht, wa mer dat haut géinge maachen a mer géingen dat elo erëm eng Kéier ëm dräi, véier Woche verréckelen, da weess ech net ob eisen Direkter vun der Sociétéit net géing soen: Wësst Dir wéi et ass, da maacht et ouni mech. Well dat do ass dat Schlecht wat mir hir kéinten undoen.

Zweetens, firwat ass et net an Ontransparenz oder net an Onkenntnis vun de Conseiller? Eischtens, well mer herno jo nach eng Rei Erklärungen wäerte ginn. An ech dierf awer och drop verweisen, Här Jaerling, mir hu jo awer dee Conseil de surveillance agesat wou och politesch Gruppéierung aus dem Conseil dra setzen, genau dowéinst fir lafend praktesch au jour le jour ze wësse wou d'Sociétéit drun ass. Déi vun de Kollege vum Gemengerot déi net an deem Conseil de surveillance setzen, kréie selbstverständlech all d'Informatiounen, woubäi mer awer och do mussen oppasse wéi mer et maachen. Eis Sociétéit huet och Konkurrenten. Mir mussen do eng Form fanne wéi mer dee ganze Conseil ëmmer kënnen informéiert halen, ouni dofir onbedéngt ëmmer alles op der Place publique ze zielen, well eis Konkurrente lauschtere jo och no. Mä ech denken et wär net ubruecht dat haut erfroen an d'Informatiounen sinn disponibel, si sinn do, do ass kee Problem menger Meinung no.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Ech wollt just den Här Jaerling froen, ob hie seng Proposition fir dat vum Ordre du jour erfroen, oprecht erhält, no deenen doten Explikatiounen?

Da stëmme mer driwwer of. Ween ass der Meinung, dass dee Punkt soll vum Ordre du jour erfroen ginn, dee stëmmt mat „Jo“ a ween der Meinung ass, dass en um Ordre du jour soll bleiwen, dee stëmmt mat „Nee“.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –
Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss
– M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch
– M. Roger Roller – M. John Snel –

Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar –
M. Paul Weidig – M. Everard Wohl-
farth – M. André Zwally

*La proposition de retirer le point 5 de
l'ordre du jour est refusée par 14 voix
non contre 1 voix oui.*

*Ont voté non: Madame le bourg-
mestre Mutsch, les échevins Braz,
Spautz et Tonnar, ainsi que les
conseillers Baum, Becker, Codello,
Hildgen, Huss, Roller, Snel, Weidig,
Wohlfarth et Zwally. Le conseiller
Jaerling a voté oui.*

3. Correspondance

Sou, vu dass ech den Här Jaerling ze spéit
gesinn hat, an de Punkt 2 scho virgezunn hat,
kéime mer direkt zum Punkt 3 „Correspon-
dance“, do hu mer näischt virleien.

4. Accès Eduroam pour la communauté universitaire, de l'éducation et de la recherche via le réseau HotCity:

a. Informations;

b. Contrat avec la Fondation Restena; décision

Mir kéimen dann zu Punkt 4, dat ass den
Accès Eduroam fir d'Communauté universitaire,
fir d'Éducation an d'Recherche iwwert de
Réseau HotCity. Do hu mer lech gesot, dass
mer fir d'éischt lech Informatioun doriwwer
ginn an dann den eigentleche Kontrakt mat
der Fondation Restena zur Ofstëmmung
bréngen.

Fir d'éischt hutt Dir lech wahrscheinlech gefrot
wat dat ass, den Accès Eduroam? Majo
Eduroam dat ass en internationale Projet,
dee praktesch an allen europäesche Länner
fonctionnéiert an en adresséiert sech un de
Monde de l'éducation et de la recherche fir et
mol esou zesummen ze faassen. An et ass
och esou, dass de Login Numm an d'Pass-
wuert, déi dann déi jeeweileg Utilisateuren,
sief et Enseignanten oder Studenten, deemno
fir de ganzen Eduroam-Raum gültig sinn. Dat
heescht wa mer eis haut connectéieren, da
gehéiere mer zu engem internationale Réseau
dee schonn existéiert.

Et ass immens einfach an och praktesch fir
vun deem Service ze profitéieren an hei zu
Lëtzebuerg gëtt dee Service Eduroam iwwert
Restena ugebueden an och géréiert. E

Student, fir just dat Beispill ze huelen, vun
der Universitéit Paräis, dee bei eis op d'Uni
Lëtzebuerg kënnt, dee kann da mat sengem
Login-Numm a Passwuert vun deene sel-
wechten Eduroam-Service profitéiere wéi
wann hien zu Paräis wier, och wann hien
hei zu Lëtzebuerg ass. Hie brauch keng
Umeldung, hie brauch kee bürokrateschen
Opwand an dat ass eng komplett normal
Geschicht.

Deen Eduroam-System dee bitt herno den
Enseignanten an de Studente vun den
Universitéiten a Centres de recherche d'Méi-
glechkeet egal wou si sinn, iwwert de Service
Eduroam an den Internet eran ze kommen. Si
brauchen dofir nëmmen hiren normale
Usernumm an hiert normal Passwuert ze
huelen.

Wat offéiere mir als Stad Esch um Niveau
Service Eduroam? Mir maachen dee Service
Eduroam iwwert eise Réseau WiFi HotCity
Esch accessibel. An ouni eise Réseau HotCity
Esch wier dee Service Eduroam net accessibel
um Espace public. An zum Espace public
gehéieren de Campus vun der Uni, d'Uel-
zechtsstrooss, d'Gare, d'Sportshall, d'Brillplaz,
d'Stadhausplaz an esou weider an esou fort.
Wa mer 2010/2011, dat hate mer jo alles
ugekënnegt wou mer den HotCity ageweit
hunn, de ganzen Escher Territoire mat eisem
Réseau HotCity Esch couvréiert hunn, dann ass
de Service Eduroam iwwerall um Escher
Territoire accessibel. An dat ass virun allem
och fir de Message un d'Leit, un d'Cherch-
euren, un d'Studenten, d'Proffe vun der Uni ze
ginn, ganz wichteg, well mer jo da prett sinn,
iert d'Entrée académique op der Uni Belval
déi fir 2013 virgesinn ass, kënnt. Esou dass
mer step by step probéieren eis op déi
Rentrée académique dee Moment virzeber-
eeden. Doduerch dass mer de Service
Eduroam iwwert eise Réseau HotCity Esch
kënnen ubidden, créiere mer domat an eisen
Aen eng Plusvalue fir eben de Monde de
l'éducation et de la recherche an domat och e
Point d'attrait supplémentaire fir Esch als
Universitéitsstad an eventuell och fir d'Implé-
mentatioun vun anere Schoulen ze positi-
onéieren. Bei anere Schoulen, do denke mer
zum Beispill un international Schoule mat
deene mer och a Kontakt si fir ze kucken ob
mer eis Offre scolaire och en vue vun der
Rentrée académique kënnen ergänzen a
verbesseren. Dat heescht den inländeschen
oder auslândeschen Enseignant oder Student
ka sech iwwert eisen HotCity-Réseau Esch

iwwert de Service Eduroam op den Internet
connectéieren an dat gratis. Vu dass et net vill
Stied ginn déi e WiFi-Réseau op hirem
Territoire en place setzen oder gesat hunn,
ass dat en Atout supplémentaire fir de
Standuert Esch. D'Mise à disposition vum
Service Eduroam gëtt iwwert eise Réseau
HotCity generéiert a bréngt keng zousätzlech
Käschte fir d'Stad Esch.

Ech wollt froen ob nach zousätzlech Explika-
tiounen dozou gewënscht ginn? Den Här
Zwally.

André Zwally (CSV): Jo, Merci, Madame
Buergermeeschter, mir ënnerstëtze selbstver-
ständlech dës Initiativ déi hei virgedroen ass.
Eis Fro ass eigentlech déi, vu dass mer hei jo
eng Ouverture maache vum Niveau vum
Escher Raum wou et den HotCity gëtt, a wou
d'Studenten da kënnen, opmannst déi déi hei
bei eis op d'Universitéit kommen, dovunner
profitéieren, ob e Lien ka geschafe ginn oder
ob een existéiert um Niveau vun der Uni zu
Lëtzebuerg selwer? Mat deene Studenten déi
do ageschriwwen sinn, wéi et domat ausgesäit,
ob een net kann op de Wee goe fir deenen
och déi Accessibilitéit ze ginn déi mir am
Prinzip hei kéinte kréien um Niveau vun
deenen Escher Studenten? Ob dat virgesinn
ass, ob déi dat kënnen maachen oder net?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Gutt. Sinn nach aner Froen do? Majo da fir
direkt op dem Här Zwally seng Fro ze
äntweren, mir sinn an deem heite Punkt an
och an anere Punkten a permanentem
Kontakt mat de Leit vun der Universitéit. Si
sinn och schonn a Kenntnis iwwert déi heite
Saach, si sinn net nëmmen Demandeur mä
hunn och mat eise Service ofgestëmmt, dass
all Connectionsméiglechkeeten déi si hunn,
déi mir hunn, dass déi en échange permanent
geschéien. Dat heescht ob Är Fro kënnen mer
"Jo" äntweren.

Au vote. Entschëllegt de Vote ass natierlech fir
de Kontrakt mat der Fondation Restena ze
maache fir dat ze erméiglechen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –
Mme Mady Hannen – Mme Annette
Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly
Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M.
Roger Roller – M. John Snel – Mme

Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte à l'unanimité le contrat avec la Fondation Restena.

5. Garantie communale pour les investissements de Südstroum:

a) Informations

b) Contrat de garantie envers la BCEE; décision

Mir kéimen dann zu deem Punkt 5 iwwert dee mer scho ganz kuerz agangs diskutéiert haten an ech géing dann dem Ressortschäfften d'Wuert gi fir eis nach Zousazinformatiounen ze gi firwat dee Contrat de garantie muss haut décidéiert ginn.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Also wourëms geet et bei där heiter Saach? Et geet einfach drëms, Dir wësst dass mer eng Sociétéit gegrennt hu mam Numm Südstroum déi zu 100% der Gemeng gehéiert, déi zoustänneg ass fir de Stroum a fir d'Gestioun vum Netz. An déi Sociétéit muss natierlech kënne schaffen an dozou gehéiert och a virun allem e finanzielle Volet. Si muss kënne Suen hu fir Rechnungen ze bezuelen a si muss kënne Garantien kënne gi wa se Stroum akeeft. Well Dir wësst, dass mir elo selwer eise Stroum kafen. Fréier, zu Zäite wou de Marché net op war, hunn d'Gemenge jo praktesch vun der Cegedel als eenzeggen Ubidder am Land de Stroumpreis erkläert kritt. Dat waren Tariffer déi sinn tëschent der Cegedel an der Regierung ausgehandelt ginn. An d'Gemengen déi en eegent Netz bedriwwen hunn, kruten dann déi Tariffer méi oder wéineger erkläert. Do ass näischt verhandelt ginn. Dat huet fundamental geännert. Mir kafen elo mat eisen eegene Leit eisen eegene Stroum op der Bourse. Mir sinn en Acteur dee selwer Stroum keeft, quitt dass mer dat nach iwwer Intermédiaire maachen, mä mir huele selwer d'Décisioun wéini mer kafen an zu wéi engem Tarif, dass mer wëllen de Stroum kafen. Dofir muss een awer kënne dee Moment wou ee keeft Garantien presentéieren. Déi Leit déi Stroum verkafen, wann Dir deene sot, ech hätt elo gär eng Tranche vun 10 Milliounen Euro, da muss Dir kënne eng Garantie bancaire hannendru ginn. Well déi froen: Wa mer déi elo fir lech reservéieren, kréie mer dann herno sécher eis Suen? Da

musse mer kënne soen „Jo“, Dir kritt Är Sue well si si garantéiert duerch folgend Bank, déi dem Stroumverkeef d'Garantie gëtt, dass e vun der Südstroum dann och déi Sue kritt.

Dat heescht eis Sociétéit Südstroum déi brauch à la fois Geld an der Keess wann Dir esou wëllt fir Rechnungen ze bezuelen. Zum Beispill, dat ass hir gréisste Rechnung, de Konzessionsvertrag un d'Stad Esch. Wann also d'Stad Esch e Vertrag huet mat der Südstroum fir d'Notzung vum Réseau deen duerch d'Südstroum gemaach gëtt, kréie mer jo dofir Suen. Den déckste Poste bei den Dépenses vun der Südstroum ass u sech de Konzessionsvertrag un d'Adress vun der Stad Esch, respektiv dat ass deen allerdécksten, d'Kafe vum Stroum um Marché. Dat sinn déi zwou grouss Dépenses. Dann hu se op där anerer Säit natierlech d'Recetten, dat wat allegueren hir Clienten déi Stroum verbrauchen un d'Südstroum musse bezuelen. Dofir brauch een awer à la fois Suen an der Keess an et brauch ee Garanties bancaires.

Wa mer dat heite wat mer haut maachen net esou hätt wëlle maachen, et wier eng Alternativ ginn. D'Alternativ wier gewiescht, mir hätten eis Sociétéit Südstroum ausräichend kapitaliséiert. Wann eis Sociétéit e Kapital gehat hätt, en liquide, wat héich genuch wier, mir hätten eis Sociétéit zum Beispill mat 10 Milliounen Euro kapitaliséiert, da wär d'Sociétéit selwer à même gewiescht vis-à-vis vun de Banke mat genuch Garantien opzetrieden, fir hir Bankgeschäfte zu engem Ofschluss ze bréngen mat de jeeweilege Banken. Dat hu mer als Gemeng awer deemools allegueren net wëlle maachen aus engem ganz einfache Grond. Wa mer déi Sociétéit esou kapitaliséiert hätten, hätt mir mussen als eenzeggen Aktionär, dee mer jo sinn a wëlle bleiwen, hätt mir als eenzeggen Aktionär dann och aus eiser Keess déi Sue mussen opdreiven. Dann hätt mer misste soen, d'Südstroum kritt 10 Milliounen Euro, an dat hätt mir da missten aus eiser kommunaler Trésorie mussen opbréngen, wat dann natierlech de kommunalen Handlungsspielraum am selwechte Mooss ageschränkt hätt. Ech mengen dat wollt jo keen, dass mer déi Sue musse vum Gemengebudget huelen. Dofir hu mer gesot, mir maachen eng Kapitaliséierung déi esou geréng ass wéi et geet, dat wat d'Sociétéit brauch fir ze rulle kritt se, awer méi net. Fir de Rescht muss d'Sociétéit iwwer normal Bankrelatiounen wéi all aner Firma kucken hir Suen an hir Garantien

erbäi ze kréien. Et ass dat wat mer haut maachen. Wéi gesot, d'Alternativ wier gewiescht eng grouss Kapitaliséierung, dann hätt d'Gemeng selwer awer vill Suen net méi am Budget gehat. Dat wollt mir allegueren net hunn. Dofir maache mer dat heiten iwwert dëse Wee.

Mir hunn ee Problem awer ze bewältege gehat bei där heiter Saach. Wou d'Südstroum ugefaangen huet mat Banken ze verhandele fir ze kucke wat d'Konditiounen kéinte sinn, hu mer zwou Saache gehofft. Engersäits, dass déi Konditiounen méiglechst favorabel wiere fir d'Sociétéit, dass also keng grouss Zënse gefrot ginn op der Ligne de crédit. Dat hu mer erreicht. Déi Vertrag déi mir lech proposéiere mat deem Finanzinstitut entspreche deem. Si hu grosso modo eiser Sociétéit Südstroum déi Konditiounen gemaach déi se och der Gemeng maachen. Dat heescht mir kommen do als Südstroum gutt ewech, well mer ganz favorabel Kreditkonditiounen kréien. Mir kréien déiselwecht wéi d'Gemeng se och bei deemselwechte Finanzinstitut kritt. Wat fir d'Südstroum natierlech ganz interessant ass. Déi Zënse si gespuert an dee Benefiss ass deementsprechent och méi héich, well mir si jo de Bénéficiaire unique um Enn vum Joer, vum Benefiss dat ass also eng gutt Noricht fir d'Gemeng, dass mer déiselwecht Finanzkonditiounen do kritt hunn.

Dat zweet, an dat ass och e wichtege Punkt. Et ass eis och drëms gaangen, dass wann déi Sociétéit elo déi Ligne de crédit kritt, respektiv dee Kredit kritt, dass mir dann als Gemeng déi natierlech musse Garantien gi vis-à-vis vum Finanzinstitut, vu dass d'Sociétéit net héich genuch kapitaliséiert ass, doriwwer brauche mer eis net ze iergeren, dass mer elo Garantie musse ginn, well wéi gesot, d'Alternativ ass dass ee seet da musse mer der Sociétéit 10 Milliounen Euro iwwerweisen. Vu dass mer dat all net wëllen, brauche mer dat hei net schlecht ze fannen. Et ass déi eenzeg Alternativ déi mer haten.

Wichtig war fir eis, dass mer net mussen als Gemeng Garantien, reell Garantien ginn. Dir wësst, mir hunn zwee Präzedenzfäll. Déi Parkingen déi mer hei gebaut hunn, déi Parkingen hei virun der Dier am Brill, do hu mir als Gemeng eng Garantie de recette ginn. Déi Garantie de recette déi mer do ginn hunn, déi fénnt sech an eise Budget all Joers erëm. Déi schränkt eise kommunale Budget all Joer e bëssen an. Net dramatesch vill, mä mir mussen awer déi Sue virgesinn. Dee Modell

5. Garantie communale pour les investissements de Südstroum:

wollte mer net hei nach eng Kéier maache bei der Südstroum, well dann hätte mer erëm eng Kéier de kommunale Budget ëm déi Montanten do mussen grevéieren. Mir hunn also probéiert eng Léisung ze fannen, déi à la fois der Bank hir Garantie gëtt, fir dass d'Südstroum iwwert déi Liquiditéite ka verfügen, ouni awer dass mer dat an eise kommunale Budget erëmfannen. Dass mer also näischt musse praktesch provisionéieren am kommunale Budget. Mir musse keng Zuelen aschreiwen an eise Budget, en garantie vun enger eventueller Défaillance. Dat war e ganz wichtige Punkt, well mer mat deenen zwee Parkinge schonn zweemol Garantie de recettes hu musse ginn als Gemeng un eng Privatfirma. Hei si mer jo net am Fall vun enger Privatfirma déi mer net kennen. Hei geet et ëm eis selwer. Et ass eis Duechter zu 100%. Mä mir wollten awer de kommunale Budget dovunner ewech halen.

Mir hunn dat diskutéiert mam Inneministère, well et ass jo den Inneministère dee bei de Parkingen insistéiert huet, dass musse Récklagen am Budget ageschriwwen ginn. Ech hat haut de Moien nach virun der Gemengerotssëtzung e lescht Gespréich mam Marc Leonard vum Intérieur, dee mer bestätegt huet, dass dat hei net wäert noutwendeg sinn. Dat heescht an deem heite Fall kënne mer déi Garantie gi wéi Dir se an Ären Dokumenter fannt a mir wäerten als Gemeng hei also contrairement zu de Parkingen net müssen eng Récklag oder eng Provision an eise Gemeindegeld aschreiwen. Et ass eng ganz wichtig Informatioun. Si gi sech zefridde mat deene Garantien, wéi se hei geschriwwen sinn. Dat eenzezt wat ass, mir musse wësse wann et iere géing schlecht goen, gell, mat der Sociétéit, da gëllt déi Garantie. Mä si gëllt souwiesou, well et ass eis Firma. Dat heescht och wa mer dës zousätzlech Garantie net géinge ginn, déi Dir an den Dokumenter fannt, d'Gemeng als eenzege Aktionär haft souwiesou en fin de compte. Déi Sue mat deene mer dat géinge bezuelen, wa mer se misste provisionéieren, muss een zwou Saache kucken, Här Snel. Éischt Fro wier, wéivill misste mer dovunner zréckbezuelen. Et ass jo d'Fro, et ass jo net dass dat just dann dee ganze Betrag ass. Et ass jo net just dee ganze Betrag. Also, wourëms geet et? Et geet jo drëms wann d'Sociétéit Südstroum selwer net méi à même wär hir Engagementer ze honoréieren. Et geet jo just ëm dee Fall. Esou laang d'Südstroum funktionnéiert, e bessert Joer wéi e schlecht Joer wéi all Firma vun der Welt, ass fir eis dat

heite Lettre morte. Dat heite spillt just an engem Fall, wann d'Sociétéit selwer net méi à même wier hir Aktivitéiten oprecht ze erhalen. Wa se also praktesch en cessation de paiement wier. Wa se net méi kéint bezuelen, wa se ganz schlecht dru wier, wa se praktesch virun der Faillite wier. Wann dat géing geschéien. Dat geschitt éischters net vun haut op mar an iwwer nuecht. Wann dat géing geschéien, da kënnegt dat sech un, well d'Sociétéit lues a lues Schwieeregkeeten hätt. Da géing eis als Gemeng hannen um Enn just eng Solutioun bleiwen, eng eenzeg. Da misste mer se verkafen. Da misste mer se verkafe fir dat heite kënne ze honoréieren. Dat ass den Extremfall. Den Extremfall wa mer missten dat heiten honoréieren, dat wär wann d'Sociétéit esou schlecht dru wier, well se sech iwwert eng länger Zäit esou schlecht entwéckelt hätt, datt se widdert d'Mauer gefuer wier a si wär Faillite. Dat ass de Fall. Ausser deem dote Fall spillt dat heiten net. Eng Sociétéit déi normal funktionnéiert an hir Payementer honoréiere kann, brauch dat heiten net. Mä wéi gesot, fir dass mer eis elo net verrennen, wann een dat heiten net gutt fënn, muss ee wësse wat d'Alternativ ass. D'Alternativ ass, mir beschléissen 2010 an eise Budget 10 Milliounen Euro anzuschreiwen, déi mer un d'Sociétéit iwwerweisen. Fir se ze géréieren. Dat ass manner gutt fir d'Gemeng wéi dat heiten. Dat ass d'Alternativ. Eng aner Alternativ gëtt et net. D'Sociétéit muss Liquiditéiten hunn.

(Interruption par M. Snel)

Jo, jo, dat ass richteg Här Snel, mir brauchen als Gemeng keng Suen anzusetzen. Dat ass de Punkt. Et ass fir eis finanziell neutral. Et ass cash free fir d'Gemeng dat heiten. A mir brauche contrairement zu de Parkinge keng Récklagen an de Budget anzuschreiwen. Dat ass e wichtige Punkt. Dat heite kascht d'Gemeng kee Frang. Et ass eng Garantie déi mer gi par rapport zu der Südstroum well mer se net ausräichend kapitaliséiert hu fir déi heiten Operatiounen kënne ze maachen, dat war d'Alternativ. Duerfir musse mer par rapport zu der Bank als eenzege Aktionär d'Garantie ginn, dass wa se sollt en cessation de paiement eng Kéier kommen, dass mir dann als Gemeng der Bank géigeniwwer dat honoréieren. Woubäi wéi gesot, mir dann als Alternativ hätten, wann dat esou géing goen, dass mer d'Sociétéit géinge verkafen. Wat kee Mensch wëll. Soss wier et wéi den Här Tonnar mir hei an d'Ouer flüstert, et gëtt jo genuch Interessenten déi et schonn haut wëllte kréien,

gell. Mä mir si fir all Gespréicher natierlech op, mä mir sinn awer à ce stade net schrecklech iwwerzeegt, ..., nee dat ass näischt Neies, Här Codello, dat hu mer nach ëmmer gesot, mir verwieren eis kengem Gespréich, Här Codello, mir verwieren eis kengem Gespréich mat der Regierung, dat hu mer nach ëmmer gesot, mä mir sinn, an ech mengen dat gëllt fir eis alle fënn, à ce stade alleguerten net schrecklech dovun iwwerzeegt, dass mer op dee Wee solle goen. Mä mir kënne awer och net soen, mir schwätze mat kengem. D'Regierung ass ëmmer e Gespréichspartner, deen eng grouss Gemeng wéi mir muss unhuelen. Mä wéi gesot, de Schäfferot ass à ce stade, vun deem wat mer proposéiert kréien, wéi soll ech dat elo diskret ausdrécken, net emballéiert, komm mir soen esou. Also et ass beim Schäfferot keng Intentioun fir eis Sociétéit un en anere weider ze ginn. Mir hu strategesch déi Iwwerleeungen, déi mer vun Ufank un haben, mir wëlle gären d'Südstroum, esou wéi mer et beschloss hunn, voll operationell kréie fir Stroum a Réseau, wéi et an de Grënnungstexten steet.

Mir wëllen dann zweetens, mat eiser Duechter zu iwwer 40%, Sudgaz, Kooperatiounen kréien. Do hu mer och elo an deenen nächsten Deeg nach Entrevue mat dem Verwaltungsrot vun der Sudgaz. Dat ass dat wat mir ëmmer hei beschloss hunn. Et ass dat wat mir ëmmer proposéiert hunn. Et komme Gespréicher déi ginn un eis erugedroe vu Säite vun der Regierung, deene mer eis och net kënne verschléissen. Mir kënne net soe mir schwätzen net mat lech, mä wéi gesot, eis Intentioun ass net, weder fir de Stroum nach fir den Netzdeel, déi Gespréicher mat der Sociétéit déi dem Stat gréisstendeels gehéiert, esou wäit ze driewen. Dat ass d'Positioun déi de Schäfferot an deem Dossier vun Ufank un huet. Mir hätte gären eng selbststänneg gutt funktionnéierend Südstroum déi mat hirem Partner, hirem natierlechem Partner, Sudgaz gemeinsam kann optriede fir Stroum a fir Gasgeschäfte. Dat ass eise Wunsch. Et ass och de Wunsch vun der Sudgaz well och si spieren, dass ëmmer méi Client Pooloffere froe fir Stroum a fir Gas an ech denken, dass mer déi Gespréicher misste kënne zu engem gudden Ofschluss bréngen.

Also dat ass also de Contenu vun deem wat hei steet. Wéi gesot, d'Südstroum brauch déi heite Saache ganz dréngend. Mir hunn och mam Intérieur wéi gesot geschwat, déi sinn domatter d'accord. Mir wäerten och déi

Approbatoun ganz rapid kréien, dass mer kënnen dat heiten ëmsetzen. An da mussen mer, mengen ech, alleguerter weider un engem Strang zéie wéi an deene leschte Joren, zënter dass mer eis Décisiounen geholl hunn, fir dass déi Südstroum bescht Chancen huet hei zu Lëtzebuerg um Marché kënnen ze bestoen, well geschenkt kritt Südstroum näischt. Déi Zäite sinn eriwwer. De Marché ass op, ob eis dat passt oder net. A mir hunn d'Chance ze bestoen oder ënner ze goen. Mat dëser Décisioun verbessere mer d'Chancë vun der Südstroum fir kënnen gutt ze bestoen.

Just nach e lescht Wuert och zu der Motioun, da beäntweren ech déi direkt mat. Ech hu kee Problem d'Motioun unzuhuelen. Et ass keen Thema, well mer dat dote souwisou wëllen haben. Et ass och e bësse wat den Här Jaerling agangs gesot huet. Mir müssen eis awer just op eng Form verstännege wéi mer kënnen de Gemengerot informéiert halen op all den Elementer. Ech kann lech soen, dass d'Geschäftsjoer vun 2008, dat éischt wat se ganz gemaach hunn – d'Leit vum Conseil de surveillance wëssen dat, ech soen et ënnert der Kontroll vun deene Leit vum Conseil de surveillance – ass exzellent. Et ass en exzellent Geschäftsjoer. Mir müssen awer elo oppassen. Mir hu Konkurrenten, déi och dat alles suivéieren. An ech wär frou wa mer eis kéinte verstännege mam Gemengerot op eng Form vum Austausch vun den Informatiounen, déi all de Conseillere all d'Informatiounen gëtt, fir d'Conseillere gëtt et keng Geheiminformatiounen. Dir musst se all kënnen kréien. Mä wou mer awer oppassen allegueren, dass mer de grand public an domat mengen ech an der Haaptsaach eis Konkurrenten, dass mer deenen net allegueren d'Zuelen och nach liwweren a ginn. Dat heescht eng Léisung fanne wéi mer kënnen als Gemengen, als Schäfferot mam Conseil de surveillance vun der Südstroum eis kënnen un en Dësch setzen an all déi Informatiounen austauschen, mat all den Dokumenter, ouni awer vläicht onbedéngt eise Konkurrenten all d'Zuelen ze nennen. Mä ech kann lech soen, duerfir d'Motioun kee Problem, mä ech kann lech awer soen, an engem Saz wéi an honnert, dass 2008 eist Geschäftsjoer vun der Südstroum ganz gutt ass. Ganz gutt ass. Si huet 2008 all hir Erwaardungen erfëllt.

Ben, wéi laang Här Jaerling wann Dir ee fannt deen et ka garantéieren, ech net. Da sidd Dir méi kompetent wéi all déi Leit, déi an där Branche schaffen. Garantië gëtt et net. Ech

kann lech awer versécheren, dass déi Südstroum esou gutt opgestallt ass wéi et nëmme geet. Dass se ganz gutt fonctionnéiert, dass et à ce jour keng Ursaach duerfir gëtt, dass déi Sociétéit soll méi Problemer kréie wéi aner Sociétéiten op deem dote Marché. Mir sti gutt, mir hunn näischt falsch gemaach. Eis Leit si gutt. D'Struktur ass gutt. D'Situatioun ass gutt. D'Geschäftsjoer 2008 ass gutt an d'Prévisiounen sinn och gutt. Mir sinn net onattraktiv als Braut, soss géingen der net esou vill eis wëlle bestueden oder zumindest mat eis gekummert sinn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, Merci Här Braz. Wuertmeldungen? Den Här Weidig an dann den Här Jaerling an den Här Baum.

Paul Weidig (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Ufanks eng Remarque. D'Resultat ass gutt, d'Resultat vum kommerziellen Deel. Ech mengen do muss een awer kloer ënnerscheeden zwësche Réseau an zwësche Bedriewen. An do muss een oppassen, wann ee seet d'Resultat ass gutt. Well da stellt ee sech nämlech d'Fro firwat gi mer Sue léine wa mer en extrem gutt Resultat hunn.

Wann de Schäfferot zwou Gesellschaften op d'Bee stellt mat dem Zil fir säin elektresche Betriib ze géréieren ...

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Eng, eng.

Paul Weidig (LSAP): Zwou! Eng Sàrl an eng Société en commandite simple. Also op d'Bee stellt mat dem Zil fir säin elektresche Réseau ze géréieren an de Stroum an- an ze verkafen, da muss hien natierlech och d'Gesellschaft, eng Kommandite-Gesellschaft an den Zoustand versetzen, dat ze maachen. Mat 400.000 Euro Kapital kann ee weder fir x Milliounen Euro Stroum kafen, nach kann een, wann ee weder e Patrimoine nach Fongen huet, déi ee kann hypothekéieren, Garantië stelle fir op de Bourse vu Leipzig Stroum an deenen néidege Quantitéiten am Virus ze reservéieren, esou genannten Termingeschäfte tätegen. Dat ass net normal fir eng Gesellschaft déi dofir geschafe ginn ass, fir méi flexibel kënnen ze agéiere wéi eng kommunal Verwaltung. An ech mengen hei ass en cours de route de Courage verluer gaangen. An duerfir ass et wichteg, dass de Schäfferot duerfir suert, dass de Südstroum, dat heescht d'Kommandite-Gesellschaft dären Actionnaire unique de Schäfferot ass – et ass vläicht e bësse méi komplex wéi dat – déi se

geschaffen huet an déi de Gemengerot ofgeseent huet, sech kann de Fonds de roulement uspieren, deen et him erlaabt zu jidder Zäit Optiounen op Stroumkontingenter ze huelen. Am Ablack si mer an där Situatioun, dass se et net kënnen maachen, mä andersäits si mer och an där glécklecher Situatioun, dass de Stroumpräis am Ablack extrem niddreg ass. Wann de Präis an deene leschte Méint an d'Luucht gaange wär, géife mer héchstwahrscheinlech déi Saach do anescht betruechten. Duerch dës Moosname kënnen déi Responsabel vum Südstroum beim Akaf vu Stroum vun Haussen, awer och vu Baisse profitéieren a responsabel handelen. Dass dat natierlech och kann an d'Box goen, desse mussen mer eis bewusst sinn. Mä dat ass nun eemol de Risiko vum fräie Maart. De Fonds de roulement setzt natierlech virus, dass de Schäfferot net all Su Gewënn aus der Gesellschaft zitt a Gedold huet bis de Südstroum op zolitte Bee steet, ier se an d'Keess geet.

Wann dat geschitt, sinn dës Ouvertures de crédit déi mer hei stëmmen, hoffen ech, en eemolegen Akt. Mir müssen eis bewusst sinn, dass mer hei zwee Contrats de concession stëmmen. Den éischten, dat sinn effektiv Suen déi de Südstroum brauch fir d'Redevancë vun dem Südstroum un d'Gemeng zrëck ze bezuelen. Dat zweet ass menges Erachtens souwisou nëmmen eng Garantie bancaire déi ëmmer erëm ka gezu ginn, wann den Akaf vum Stroum deen domat garantéiert ginn ass, bezuelt ass.

Et wär nach muenches ze soen zu de Konditiounen déi un déi Contrats de concession gebonne sinn. Mä als Demandeur huet een net déi beschte Kaarten. Den Engagement vun deem Schäfferot als Garantie supplémentaire misst menger Interpretatioun vum Text no ergänzt gi mat deem Hiweis, dass de Schäfferot hir Redevancë vum Südstroum net direkt cédiert, mä nëmmen en cas de l'échéance de la garantie. Am Text steet dran, dass d'Gemeng ouni Konditiounen d'Redevancen, déi se vum Südstroum kritt, muss un d'Bank cédiieren.

Ofschléissend kann ech nëmmen de Wonsch vun der Finanzkommissioun ënnerstëtzen deen transparent a verständlech Dokumenter betreffend de Bilan an d'Konte vun der Südstroum fuerdert. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Et ass dann un den Här Jaerling, Baum an Zwally.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Wann de Pinocchio esou Geschichten erzielt huet wéi mer elo hei héieren hunn, dann ass deem seng Nues méi laang ginn. Mä dat géif awer proportional bei verschidder ganz gelungen ausgesinn.

Ech wëll da mol ufänke mat där gudder Nouvelle. Well ech jo der Meinung war, dass mer dat hei sollte vum Ordre du jour eroefuele well mer net Ennerlagen, a well mer net genau wousste wou déi Firma drun ass. Elo kréie mer dann hei gesot, där Firma géif et 2008 herlech goen, et wär alles an der Rei. Se wäeren och bei d'Banke gaange fir den Emprunt ze kréien a se hunn en net kritt, trotzdem wou alles an der Rei ass. Dat schéngt mer awer e bësse kuriéis. Well eng Firma déi awer floréiert a wou alles an der Rei ass, dierft jo dann awer och bei enger Bank kee Problem hu fir dann och en Emprunt opzehuelen.

(Interruptions)

Jo, wann Dir nolauschtert, da verstitt Dir et iergendwann eng Kéier vläicht. Ech hunn lech jo gesot, wann eng Firma där hire Bilan an der Rei ass, an déi Zukunftsperspektiven huet, an och effektiv noweisbar Recetten huet an Zukunft, andeem wa se de Stroum akeeft, kritt se och spéider Recetten, et ass jo net dass déi Firma dann näischt erakritt. Dir hutt jo der Bank missten dee Bilan virleeën, da stellen ech mer einfach d'Fro, wann déi Bank dee Bilan kritt firwat solle mir en dann net hei kréien. Well wann d'Bank dee Bilan kritt, da kënnt Dir sécher sinn, da kann et grad esou sinn, dass och do aner Konkurrenzfirmen och Asicht an dee Bilan kréien. Also, mir si jo awer net d'Nikkie vun Tarchamps deenen der hei egal wat kënnt zielen.

An da kënnt déi nächst Fro. Mir hu gesot, mir kréichen iwwert de Comité de surveillance dee mer jo hunn, wou jo awer Gemeengeconseilleren drasetzen, wou och ee vun der Opposition drasetzt, mä leider menges Wëssens net oft do ass, bon, mä esou wär et dee richtege Wee fir dann, wann ech dem Här Baum seng Motioun kucken, dee richtege Wee wier dann, dass dee Comité de surveillance eis géif regelméisseg e Rapport ofginn iwwert d'Situatioun – Här Braz, lauschtert Dir och mol eng Kéier no – Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir lauschteren allegueren no.

Aly Jaerling (Indépendant): Dass dee Comité de surveillance eis géif regelméisseg e Rapport ofginn, iwwert d'Situatioun vu Südstroum, ouni dass do elo détailléiert muss drastoen, genau Chifferen, mä op jidde Fall dass mer dee Rapport vum Comité de surveillance d'office kréien. Dat wär fir mech dee richtege Wee, dat hätt vläicht vun Ufank u sollen dee richtege Wee sinn. Elo kann een natierlech soen, et ass jo och e Vertieder vun der Opposition dran, Dier hätt jo och kënne bei dee free goen. Mä ech sinn awer der Meinung, dee richtege Wee wier, datt d'Conseilleren e Rapport kréie fir net müssen op een oder deen anere perséinlech ugewisen ze sinn. Dofir kann ech och déi Motioun vum Här Baum voll ennerstëtzen. Dat wär am Fong dee richtege Wee.

Elo kommen ech zum Emprunt selwer. Ech sinn net deen, deen elo stuer dergéint ass a seet mer solle keng Emprunten ophuelen. Ech mengen dat wësst Dir, et soll een d'Suen dohinner siche goe wou se sinn, bei de Banken. Dat ass jo eng normal Geschäftspraktik, dat ass fir eben d'Dépenses dann ze strecken an awer da kënnen ze schaffen. Ech hunn elo hei net onbedéngt de Problem mam Emprunt, dass déi Gesellschaft kann effizient schaffen, an eben elo am Moment akafen, mä meng Suerg war einfach well mer hei net genuch Donnéeën hu wéi dat genau ausgesäit.

Elo gi mer nach méi gewuer. Elo kënnt den Här Knaff.

Dann hutt Dir schonn ugeschnidden, dass mer schonn zwee esou Emprunten opgehol hunn, zwee Emprunte wou mer d'Garantie scho ginn. Dir hutt gesot, mir hätte bei deenen zwou Garantien hätte mer eng Garantie de recette misste ginn. Mä wat Dir net gesot hutt, dat ass, dass mer och d'Annuitéite vun deene Prêten hu missten an de Budget schreiwen.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Dach, hunn ech jo gesot.

Aly Jaerling (Indépendant): Nee, dat hutt Dir net gesot. Dir hutt just d'Garantie de recette gesot.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Nee, ech hu gesot, mir müssen an eisem Budget provisionéieren, dat ass en anert Wuert, mä ass datselwecht.

Aly Jaerling (Indépendant): Ok. An hei wär dat net de Fall. Dat kann net sinn.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Wann ech lech et soen.

Aly Jaerling (Indépendant): Dat kann net sinn. Dat gesi mer dann am nächste Budget. Op jidde Fall huet dat Ganzt ëmmer erëm en Impakt op eis Verscholdungskapazität, well mer déi Suen ebe müssen aschreiwen. An hei kann ech mer net virstellen, dass hei elo soll sinn, dass dat heiten ouni Provisionen am Budget esou iwwert d'Bühn geet. Dat gesi mer dann am nächste Budget. Ech gleewen dat net.

An da soll een net vergiessen, egal wéi ee virgeet, sinn et ëmmer nach Sue vum Steierzueler déi mer hei engagéieren. Dat heescht et ass also net de Gemengerot, net de Schäfferot, et sinn nach ëmmer d'Steierzueler aus der Escher Gemeng déi hei och dann dee Moment mat Bierg stinn. Ech stelle mer effektiv d'Fro, wann elo hei gesot gëtt, entweder musse mer hinnen 10 Milliounen ginn oder mer müssen 11 Milliounen Emprunt ophuelen, wou deen een Emprunt vun enger Millioun jo schonn dobäi ass, gell, dee gëtt jo dann hei mat iwwerhol. Ass dat richtig? Et war jo schonn en Emprunt vun enger Millioun Euro fir Südstroum?

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Et ass eng Ligne de crédit.

Aly Jaerling (Indépendant): Ligne de crédit, déi gëtt jo dann heimat integréiert. Jo, voilà. Dat heescht, wann een dat esou einfach seet, da seet ee jo ok, dann ass et jo kloer, dass jiddweree muss domat d'accord sinn, dass mer en Emprunt maachen. Mä d'Fro fir mech, d'Fro fir mech bleift nach ëmmer, wisou dass d'Gemeng muss hei eng Garantie iwwerhuele bei enger Gesellschaft déi soit disant gesond ass. Wat hutt Dir gesot? Dass de gesond ass. D'Gesellschaft hei ass gesond. Si huet missten hire Bilan duerleeën, 2008 huet se ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ennerbriecht den Här Jaerling net. Hien ass bestëmmt geschwë fäerdeg.

Aly Jaerling (Indépendant): Ma nee, wann hie fäerdeg ass, da verstinn ech guer näischt méi. Ech wëll, ..., ah soll ech ophalen, Madame Buergermeeschter?

(Discussion générale)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Här Jaerling, loosst lech net dauernd ofenken a fuert viru mat Ären Ausféierungen, dass Dir kënnt zur Konklusioun kommen.

Aly Jaerling (Indépendant): Et si Verschiddener heibannen, déi wëssen net wéi laang dass ech ka schwätzen.

Daniel Codello (LSAP): Mir wëllen dat och net wëssen.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech géif awer keng esou large Ouverture maachen.

(Interruption)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Allez, haalt op elo.

Aly Jaerling (Indépendant): Also ech wäert deen Emprunt net stëmmen, ech wäert mech awer enthalten. Well ech einfach, ech soen lech, well mer net Donnéeë genuch hunn an einfach och net kloer hannendru gesi wat dat dote soll, enger Gesellschaft Bierg ze stoen déi soit disant gesond ass, dat lïcht mer einfach net an, déi Recettë ka virweisen, substantiell Recettë ka virweisen, ech verstinn et net an dofir wäert ech mech da bei deem Emprunt hei enthalten.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Et wier dann um Här Baum an dono um Här Zwally.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Madame Buergermeeschtesch, ech menge wat een hei an der Diskussioun mierkt, ass, dass d'Komplexitéit vun deem dote Sujet e bëssen d'Komplexitéit vun der Konstruktioun Südstroum selwer erëmispiggelt. An ech menge fir e bësse Kloerheet oder méi Kloerheet dran ze bréngen, ass et ganz wichteg, dass ee kloer mécht, dass et sech hei ëm zwou verschidde Garantien handelt, Lignes de crédit, där hir Natur an hir Implikatioun op d'Gemeng an de Gemengebudget eng verschidden ass. Op jidde Fall ouni déi Informatiounen déi den Här Braz elo virdru ginn huet.

Bei där éischter Garantie, bei där éischter Ligne de crédit déi vu Südstroum innerhalb vun zwee Joer soll an e Prêt verwandelt ginn, hu mer et mat enger wierklech halluzinanter Konstruktioun ze dinn, an déi d'Gemeng duerch d'Liberaliséierungsdirektiv gesat gouf. D'Gemeng muss Garant spillen, fir e privatrechtleche Betrib deen der Gemeng zu 100% gehéiert, fir dass dëse Betrib seng Scholden un d'Gemeng zréckbezuele kann. Dat muss ee sech awer mol als Konstruktioun oder als Transaktioun, déi mer jo dann hei ze votéieren hunn, eng Kéier op der Zong zergoe loosse. Et muss een dann awer och soen, dass dës Transaktioun, op d'Folgen ech nach wäert agoen, dass déi Transaktioun sécherlech net néideg gewiescht wier ouni d'Ëmsetzung vun der Liberaliséierungsdirektiv zu där mer gezwonge goufen. Dat kann een elo soen. Deem kann een hannendru trauern, mä dat ass sécherlech eng politesch Konsequenz déi doraus entstane ass. Dës Transaktioun bedeit net nëmmen en administrativen Opwand deen a mengen Ae grotesk Zich unhëlt, well en a guer kengem Verhältnis zu iergendenger Plusvalue steet. Mä dës Garantie huet och konkret Repercussiounen op de Budget vu Südstroum an, an do sinn ech awer grad esou skeptesch wéi den Här Jaerling virdru. Ech mengen och op dee vun der Gemeng. Do kommen ech nach drop ze schwätzen.

D'Repercussiounen op de Budget vu Südstroum si relativ évident. Doduerch dass déi Ligne de crédit an e Prêt vun der Südstroum ëmgewandelt gëtt an iwwer 20 Joer gestaffelt gëtt, muss Südstroum all Joer e bestëmmte Montant un Zësen zréckbezuelen un d'Bank. Dat heescht dat si Suen déi Südstroum feele wäerten. An an enger zweeter Etapp natierlech och der Gemeng feele wäerten well d'Gemeng dës Sue beusprocht, well de Benefiss vu Südstroum jo dann och méi kleng ass an doduerch och d'Recettë vun der Gemeng. De Clou heibäi ass awer, dass esou wéi ech déi Saach gesinn, mir als Gemengeréit bal keng Méiglechkeet hunn, dat doten net ze votéieren. Well wa mer et net votéieren, da bedeit et, dass mer Südstroum an eng Situatioun setze vu quasi Zahlungsonfäegkeet. Respektiv ëmgekéiert, misste mer als Gemeng nach op weider Recetten - op dat wat mer bis elo nach zegutt hu vu Südstroum - verzichten wat direkt grouss Répercussiounen op de Gemengebudget hätt. Dat heescht mir sinn an eng Situatioun gesat ginn, wou mer am Fong

kee Choix hunn. An eng Situatioun där hir grotesk Zich ech probéiert hunn opzezeechen.

Am Résumé: Mir müssen hei eng Garantie stëmmen déi éischters Südstroum an deenen nächste Jore kumuléiert, Milliounen Euro Zëse kaschte wäert an och den Ausgabebudget vun der Escher Gemeng selwer affektéiert. Deen eenzegen Notznëisser vun dëser surrealer Transaktioun ass d'Bank. An dësem Fall d'Spuerkeess, eng honorabel Statsbank, mä nawell ass et d'Bank déi déi eenzeg ass déi dovunner profitéiert.

Wat mir awer net kloer ass a wat weder an der Finanzkommissioun nach aus deenen Explikatiounen déi den Här Braz virdru ginn huet, envirgeet, ass d'Fro, mä wou kommen déi Scholden hier déi Südstroum un Esch huet? Ass et dach esou, dass esou laang d'Elektrizitéitswierk vun der Escher Gemeng gefouert gouf, all Joer Recetten a Milliounenhéicht erakomm sinn. Den Här Braz seet, dass déi Ëmwandlung an e privatrechtleche Betrib dozou féiert, dass lauter Benefiss gemaach gëtt. Mä ech froe mech ...

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): O Mamm, ech sinn deen deen zënter Jore warnt virun zevill groussen Appetitter.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Dir hutt gesot, dass 2008 en exzellent Joer war. Da froen ech mech wann et esou ass, dass an der Vergaangenheet Bénéfisser gemaach gi sinn, an och nach 2008 an där neier Form Bénéfisser gemaach gi sinn, mä da froen ech mech, wou kommen déi Scholden hier vu Südstroum un d'Escher Gemeng? An do hunn ech bis elo awer leider Gottes weder an der Finanzkommissioun vum Gérant deen dozou Explikatiounen ginn huet, wéi jo och am Moment vum zoustännege Schaffen nach keng Explikatiounen dofir kritt.

Politesch Konklusioun ass, dass d'Ëmsetze vun der Liberaliséierungsdirektiv d'effentlech Hand am Géigesaz zu deem wat ëmmer behaupt gëtt, keng Sue bréngt, mä an dësem Fall gesi mer et, Milliounen kascht. An da wëll ech soën, an dat wosst ech och virdru an duerfir hu mer jo och eng ganz kloer Positioun zu deem Thema gehat, net nëmmen hei zu Esch, mä och national ware mer do mengen ech, e bësse méi konsequent wéi d'LSAP.

Da wëll ech awer och zu dëser Garantie nach eppes soen. Am Kader vun der Budgetdiskussioun, an dat ass dann d'Fro vun der demokratescher Transparenz, am Kader vun der Budgetdiskussioun leschte Wanter am Dezember hunn ech drop insistéiert, datt de Gemengerot d'Zuele vu Südstroum misst presentéiert kréien. Zënterdeem ass ëmmer erëm héich an helleg versprach ginn, de Gemengerot kriet de Bilan vu Südstroum presentéiert an ech muss feststellen, datt dat nach ëmmer net geschitt ass. Quitte datt dee Bilan selwer eréischt am Juli, mengen ech, presentéiert gouf.

Fir mech ass et en Ausdrock vun engem Manktum un Transparenz, wa bei engeem Betrib, deem zu 100% der Gemeng gehéiert, d'Gemengerot net informéiert ginn, net mat Zäiten informéiert ginn, iwwert den aktuelle Stand an iwwert d'ekonomesch Entwécklung vun dësem Betrib. Et lichter mer natierlech och an wat Dir virdu gesot hutt, Här Braz, datt een net kann am grouss Public eventuell Zuele presentéieren oder Strategien, ... Zuele presentéiere jo, mä Strategien déi eventuell Opschloss drop gi wéi dee Betrib Südstroum sech verhale wäert, wéi en akafe wäert, wéi en net akafe wäert, an dat lichter mer och sécher an. Trotzdem mengen ech, datt mer müssen eng Form fannen, déi een nach erauszefannen huet. Et ka jo och sinn datt an engem Huis clos informéiert gëtt, iwwert Südstroum an och iwwert d'Entwécklung vu Südstroum, an ech mengen datt dat onbedéngt misst geschéien.

Da kommen ech zu deem zweete Punkt, nämlech déi Garantie an Héicht vu 16 Milliounen. Bezüglech den Akaf a Verkaf vu Stroum. Wat dee Punkt selwer ugeet, verstinn ech déi zwou Positiounen. Dat heescht, datt engersäits Südstroum seet, datt si Garantie brauch a si selwer huet jo kee Patrimoine, dee se kéint als Garantie ginn. Datt si Garantie brauch fir u Suen ze kommen, an datt se op dee Wee geet fir 16 Milliounen opzehuelen, eng Kreditlinn vu 16 Milliounen, déi se jo net onbedéngt benotze muss. An dat heescht jo och, datt se keng direkt Repercussioun op Südstroum an natierlech domatter direkt och op de Gemeindegeld budget huet.

Wat mech awer net schlecht iwwerrascht huet - oder iwwerrascht ass vläicht e komescht Wuert an deem Kontext - dat ass d'Beschreibung vun deem wéi an deem liberaliséierte Stroummarché d'Stroumpolitik, den Akaf a Verkaf, fonctionnéiert. Et si finalement näischt

aanesch wéi spekulativ Termingeschäfte déi do bedriwwen ginn. An duerch, opgezwongen duerch déi Liberaliséierungsdirektiv an et bedeit awer, an dat froen ech mech awer och, mä wou, wa mir als Gemeng d'Mainmise iwwert ee Betrib hunn, a wéi engem Punkt ass et dann, datt mer d'Méiglechkeet hunn, eng nohalteg Energiepolitik selwer mat bestëmmen ze kënnen, ekologesche Stroum akafen ze kënnen, wéi grouss ass deem Undeel dovunner a wéi eng Kontrainte bedeit dat fir de Marché? Dat sinn alles Saachen déi mir an dëser Konstruktioun an der liberaliséierter Praxis net kloer sinn a wou ech och gären Explikatiounen hätt.

An da mengen ech, datt et awer och nach e leschte Punkt gëtt an där Diskussioun an en ass selwer vum Här Braz virdu ugeschnidde ginn. Virun enger Woch ass an der Chamber e Gesetz votéiert ginn iwwert d'Auslagerung vum Gemeindegeld un d'Privatbetreiber. Et ass e Gesetz wat ausdrécklech gemënt ass op d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch. A mir sinn eis jo bewosst, datt d'Stad Lëtzebuerg eng politesch Vue huet, déi eng aner ass wéi déi, déi den Escher Schäfferot bis elo ëmmer ageholl huet. An ech zécken awer, respektiv ech ginn awer ganz kribbeleg wann ech esou Aussoen héiere vum Här Braz wéi: "Mir verwieren eis kenge Gespréicher vu Saite vun der Regierung." Wat jo näischt anescht bedeit, wéi ze kucke wéi et mat Enovos soll viru goen. An ech géif mech éischter driwwer freeë wann de Schäfferot haut kéint eng Affirmatioun ginn zu deenen Zousoen déi se bis elo gemaach hu wat d'Südstroum betrëfft an als Konsequenz dovunner dat wat an der Chamber ëmmer erëm gesot ginn ass, datt et d'Gemengen sinn, déi d'Responsabilitéit hunn dat Gesetz ëmzesetzen oder net, géif ech mech freeë wann de Schäfferot dozou géif Stellung huelen a soen, datt se dëst Gesetz net applizéiere wäert. Ech soen lech Merci.

Daniel Codello (LSAP): Très bien.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Et wier dann um Här Zwally.

André Zwally (CSV): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge mir gesi jo opgrond vun der Diskussioun wou mer elo amgaange sinn hei ze féieren, déi mer och an der Vergaangenheet gefouert hunn um Niveau wat de Südstroum ubelaangt, dass et ëmmer erëm interessant ass an awer och komplizéiert iwwert dee ganze Werdegang nach eng Keier nozedanken. Ech menge wann ee philoso-

phesch kuckt iwwert déi Alternativen déi een huet, allgemeng wat d'Energie ubelaangt, esou gesäit een dach awer weltwäit dass eng Evolutioun amgaangen ass déi och positiv ass, déi mer och esou kënnen begleeten. Haaptsächlech wann een op den Niveau geet vun der Produktioun, nohalteg Alternativenergien. Do sinn d'Prozentsaz amgaang erop ze goen an et soll een dat och net aus den Ae verléiere wann ee Politike bestëmmt vun deem wat ee wëll akafen.

Ech géif dann op d'grondsächlech Diskussioun komme vum Akaf a Verkaf. Wéi hei och gesot ginn ass, do geet een op eng Bourse, dat ass privatrechtlech iwwerall de Fall. Do geet een op eng Bourse an do versicht een no deene beschte Moyenen ze kucken, de Stroum esou bëlleg wéi méiglech ze kréien a wa méiglech esou héich wéi méiglech ze verkafen fir dann och kënnen Benefiss ze maachen. Et muss ee wëssen, dass mer an der Diskussioun hei d'Instrument fir privatrechtlech kënnen Gedanken ze féieren, dass mer op dee Wee gaange si fir hei esou ze fonctionnéieren. Do ginn et Kritären déi ganz kloer sinn. An enger Privatindustrie do ginn et keng honnert Méiglechkeeten. Dat ass esou wéi dat sech erëmispigelt. Et ass an der Diskussioun riets gaangen iwwert Flexibilitéit, Mobilitéit, a schweier ëmständlech Weeër. Um Niveau vun eisen Instanze Gemeng a Stat, déi waren och deemools an der Diskussioun, si mer och der Meenung, dass dat zum Deel och stëmmt vun deem wat gesot ginn ass.

Mä wann een awer och vun Instrumenter schwätzt, da muss een och déi finanztechnesch Aspekter ugesinn. Do ginn et Bilanen, do gëtt et eppes wat een erschafft um Niveau vun enger Privatindustrie. Do ginn et Suen, do brauch een och fleissend Geld. Den Här Braz huet vu Cash free geschwat. Den Här Weidig schwätzt vum Fonds de roulement. Ech ka mech éischter erëmfannen an esou enger Optik vum Fonds de roulement, dee wichtig einfach ass. Dee wichtig einfach ass fir Récklagen ze produzéieren oder ze maachen, déi normalerweis iwwert e Benefiss zustane kommen. Iwwert e Benefiss, wou dann eng normal Gesellschaft higeet a seet, ech wäert dann um Niveau vun deem Benefiss deem ech gemaach hunn, net alles eleng den Aktionär ginn, well dat jo oft och an der Diskussioun ass. Ofhängeg vun deenen Engagementer déi een da mécht vis-à-vis vu sengen Aktionären, mä ech huelen och e gewëssene Prozentsaz an ech leeën deem



LASEP

Les activités de la LASEP Esch, dans le cadre du « Sportförderprogramm », ont lieu cinq fois par semaine du lundi au vendredi.

Les cours des **lundis, mercredis et vendredis** ont lieu **de 12.45 heures à 13.45 heures** aux écoles du Brill, Brouch, Dellhe'cht, Jean Jaurès et Lallange. Des activités très variées comme par exemple de l'athlétisme (sauts, lancers, coordination, vitesse...), de la gymnastique, du football, du handball, du basketball, des « New Games », etc. sont proposées aux jeunes sportifs.

Les activités des **mardis et jeudis** ont lieu **de 14.00 heures à 16.00 heures** au **Centre Omnisports Henri Schmitz à Lallange**. Il n'y a pas de cours pendant les vacances scolaires.

Les mardis, les enfants participent à des **portes ouvertes**, organisées en collaboration avec les clubs sportifs eschois, qui touchent différents domaines sportifs comme le karaté, le handball, l'athlétisme, le basketball, la natation, le volleyball, la pétanque, le patinage, le football, le cyclisme, l'escrime, etc.





La LASEP Esch propose également des **cours de natation** pour les élèves des **écoles primaires aux Bains du Parc** et pour les enfants du **préscolaire à la piscine de l'école du Brill** et ceci tous les **jeudis de 14.00 à 16.00** heures pour les deux catégories. Un maître nageur ainsi qu'un moniteur de la LASEP encadrent les enfants.

Actuellement, environ 600 enfants des quartiers Brill, Brouch, Dellheicht, Lallange et Jean Jaurès participent régulièrement aux activités proposées par la LASEP Esch et ils sont encadrés par 24 moniteurs. Les enfants de la LASEP Esch participeront également à différentes manifestations, organisées par la LASEP nationale.

Avec le début de chaque année scolaire, tous les enfants du préscolaire et du primaire reçoivent via voie postale le programme détaillé du déroulement de la LASEP pour le 1^{er} trimestre. La suite du programme pour le 2^{ième} et 3^{ième} trimestre sera envoyée avant les vacances de Noël.





Escher Sportförderprogramm

Il est obligatoire et indispensable que votre enfant dispose d'une **licence LASEP**, sous forme de carte de membre, pour que votre enfant soit couvert par l'assurance scolaire pour toutes les activités sportives. Pour **15 €**, payable sur place au moniteur afférent / à la monitrice afférente, votre enfant pourra participer à toutes les activités de la LASEP Esch du lundi au vendredi, à n'importe quel endroit, ainsi qu'aux manifestations officielles organisées par la LASEP au niveau national !

A partir de cette année scolaire, le Service des Sports de la Ville d'Esch-sur-Alzette participe également avec des activités comme l'escalade ou l'escrime aux après-midi loisirs qui ont lieu pendant les vacances scolaires à l'école en forêt.

Envie de s'amuser et de faire du sport avec d'autres enfants? Alors inscris-toi auprès de Müller Jacques 621 196 490, Loos Steve 691 617 394 ou Messmer Sandrine 54 73 83 485 et rendez-vous lors d'une des prochaines activités avec la LASEP Esch !



Un co-diplôme pour les étudiants en informatique

L'Université du Luxembourg signe un accord de coopération avec l'Université de Coimbra en Portugal

Dès l'année académique 2010/2011, des étudiants en informatique de l'Université de Coimbra, une des plus anciennes d'Europe, pourront suivre une partie de leurs études à l'Université du Luxembourg, pendant une année. Et réciproquement : les étudiants de l'Université du Luxembourg pourront eux aussi étudier dans cette université portugaise de grand renom. Cette offre est particulièrement intéressante pour les jeunes étudiants de souche portugaise souhaitant passer deux semestres au Portugal.

Ce nouvel échange d'étudiants sera possible grâce à un programme commun de formation mis en place par les deux universités dans le domaine de l'informatique, au niveau du Bachelor. Les étudiants ayant suivi avec succès le programme commun se verront délivrer un diplôme unique portant conjointement le sceau des deux universités, intitulé « co-diplôme de Bachelor en informatique (professionnel) / Licenciatura em Engenharia Informática ». Le Bachelor en informatique est enseigné en langue anglaise et française au Luxembourg et en langue portugaise à Coimbra.

L'accord de coopération a été signé le vendredi 16 octobre dans le cadre du colloque « villes universitaires » organisé par la ville d'Esch-sur-Alzette en coopération avec ses villes partenaires, à savoir Coimbra, Cologne, Liège, Lille, Rotterdam et Turin. Destiné à analyser la relation Ville-Université, ce colloque a soulevé toute une série de questions comme l'impact de la future Université sur l'économie locale et régionale, quelle politique choisir pour soutenir le développement des différentes activités associées à la recherche et à l'enseignement et comment intégrer cette nouvelle population dans le tissu social de la Ville d'Esch-sur-Alzette. Elus, universitaires et experts des villes partenaires se sont associés à la réflexion et ont présenté leurs analyses.

La cérémonie qui s'est déroulée à Esch-Belval, a eu lieu en présence du recteur Rolf Tarrach, du vice-recteur pour les affaires internationales à l'Université du Luxembourg Franck Leprévost, de Mme. Lydia Mutsch, Député-maire de la Ville d'Esch-sur-Alzette, des directeurs d'études du Bachelor en informatique ainsi que de Mme. Cristina Robalo Cordeiro, vice-rectrice de l'Université de Coimbra. Celle-ci s'est réjouie de cet accord luxembourgo-portugais : « Le Grand-Duché étant considéré par de nombreux Portugais comme une seconde patrie, il nous a paru souhaitable que nos deux universités entretiennent, dans l'ère des réseaux, des relations privilégiées. La création d'un programme commun de formation dans le domaine de l'informatique n'est qu'une première étape dans une collaboration associant une des plus anciennes universités à l'une des plus récentes et prometteuses d'Europe », a-t-elle souligné.

Le vice-recteur Franck Leprévost a, quant à lui, mis en évidence la valeur symbolique de la signature : « Le renforcement sur le plan académique de liens déjà existants entre la ville de Coimbra et la ville d'Esch, futur siège de notre Université, et la création d'un programme commun, sur mesure et binational, constituent à mes yeux un faisceau particulièrement dense de raisons de célébrer avec fierté cet accord. Cette signature n'est pas une fin, mais au contraire une étape importante dans l'excellente entente entre nos deux universités. Je suis certain que d'autres collaborations concrètes se feront jour, notamment dans les domaines de recherche d'intérêt mutuel. »

Dans le contexte du colloque, Mme Lydia Mutsch insiste sur le rôle moteur que la future implantation de l'université aura pour la Ville d'Esch-sur-Alzette et pour ses communes avoisinantes. « Le défi lancé le 23 décembre 2005 par la décision du conseil gouvernemental d'implanter l'Université du Luxembourg à Esch-Belval est en train d'être levé. Les travaux de la cité des sciences sont en cours et des milliers d'étudiants vont arpenter le campus Belval à l'horizon 2013. Parallèlement, il s'agit de donner une identité universitaire à notre ville et de nous préparer à l'arrivée de l'université avec nos partenaires de la région. L'accord d'aujourd'hui permettra des échanges aux étudiants en informatique des deux universités qui sont localisées dans deux villes partenaires, un élément essentiel vers une collaboration très prometteuse. »

Plus d'info sur le bachelor en informatique à partir du site web www.uni.lu, rubrique « formations/ Bachelor ».

zréck fir ganz einfach Investor ze maachen. Eng privatrechtlech Gesellschaft kann nëmmen iwwerliewen an der Zukunft, mëttel- a laangfristeg, wann esou Récklage gemaach ginn a wa se higeet an e gewëssene Prozentsaz festleed fir kënnen och um Maart aggressiv ze agéieren. Richteg esou wéi se dat musse maachen. An dat ass eng Iwwerliewensstrategie déi d'Firmen alleguerten hunn, well a soss gëtt et e Risiko. Mir sinn och der Meinung, dass een de Risiko esou kleng hale soll wéi nëmme méiglech. Et soll een dee minimiséieren an dofir ass déi Ausso, déi den Här Weidig gemaach huet vum Fonds de roulement ganz wichteg. Déi soll een och zréckbehale wann een an déi Diskussioun erageet fir am Weiderfuere vun deem Ganzen.

Et ass d'Diskussioun vum Personalstatut och hei diskutéiert ginn. Ech mengen d'CSV-Positioun déi kennt Dir. Mir waren deemools net domat d'accord, dass dat sollt gemaach ginn. Den Här Baum huet d'Diskussioun iwwert deem neie Gesetzestext diskutéiert, wat d'Auslagen ubelaangt vu Prêt de main d'oeuvre. Et ass kloer wann een dat mécht, ass dat e ganz komplizéierte Wee, et ass och e Wee dee fir d'Leit net einfach ass, well e ganz einfach dohinner féiert, dass se engersäits nach ëmmer rechtlich gesinn zu enger Firma oder zu enger Gemeng gehéieren, wou se eigentlech net méi richteg dra sinn. An anerwärts si se an enger neier Firma wou se d'Identifikatioun net ëmmer kréie mat deem wat do geschitt. An dat ass net ëmmer dee richteg Wee. De Prêt de main d'oeuvre, vläicht baséiert e sech awer an enger Ofsécherung an ech mengen dat war och de Gedanke vum Legislature fir ze soe wa mer dee Wee scho musse goen a solle goen opgrond vun EU-Direktiven, da wäerte mer Begleedmoosname maachen, wou deejéinegen deem a senger Aktivitéit dach awer bleift bei deem neie Patron ofgeséichert ass, dass him näischt geschitt an dass hie bis zum Schluss nach ëmmer do ka schaffen.

E Beispill ganz einfach dat ass den CFL-Cargo wou vereenzelt Leit jo awer schonn dovunner héieren hunn. Dat ass och esou een Instrument wat geschaf ginn ass fir kënnen Leit eng Ofsécherung ze ginn. D'CFL-Cargo, déi dräi verschidde Statuten huet, en CFL-Statut, en Arcelor-Mittal-Statut an e ganz neien dee se geschafen hunn, ass ee vun deene Beispiller déi ee ka benotze fir ze soen, datt et net einfach ass an datt et fir déi Leit op mannst déi an enger ähnlecher Aktivitéit sinn, déiselwecht

Aktivitéit dräi verschidde Peie kréien. Ass u sech net einfach. An der Finanzkommissioun hate mer sécherlech riets iwwert dat dach komplizéiert Gestell wat et do gëtt. Mir hunn als Escher CSV gefrot, fir kënnen eng Graphik mat engem Organigramm ze kréien, wou mer kloer op enger Säit kënnen feststelle wéivill Gesellschaften dass dra sinn, wat fir e Statut dass se hunn, zu wéivill Prozent dass se deem engen an deem anere gehéieren, well et ganz einfach och wichteg ass fir eis, fir dat kënnen ze begleeten.

De Comité de surveillance deem hei gestëmmt ginn ass, ech mengen den Här Jaerling huet gefrot fir och regelméisseg heihinner ze kommen. Mir hunn do eng aner Nuance, mir hunn do ee vun der Oppositioun dran. Mir ginn och dovunner aus, dass dee vun der Oppositioun eist Vertraue kritt huet, dass hien och do seng Aarbecht mécht, esou wéi mer dat vun eis verlaangen. Mir sinn éischer der Meinung, dass wann et wichteg ass, solle mer informéiert ginn an dat wier dee Wee dee mir als CSV gären hätten.

Zum Ofschloss wëllt ech soen, dass mir, esou wéi dat och an engem privatrechtleche Gedanken zesumme ka gefaasst ginn, d'Escher Gemeng ass u sech d'Mammenhaus a responsabel iwwert seng eege Kanner. An an dësem Fall geet d'Mamm hin a versicht eng Garantie ze ginn un eent vu senger Kanner. A mir wieren awer frou, wann dat Kand wat elo amgaangen ass ënnert d'Äerm gegräff ze kréien, kee Suergekand gëtt, well och da gëtt em nach gehollef, et ass just méi problematesch an an deem Sënn wäerte mir dann och dës Saach mat ënnerstëtzen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Zwally. Ech mengen dann hätte mer all d'Riedner duerchgeholl an da kann de Ressortschäffen op déi puer Remarquen äntweren.

Schäffe Félix Braz (DÉ GRÉNG): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wëll nach eng Kéier op déi puer Remarquen agoe well mer dat an dësem Dossier vun Ufank un och esou gemaach hunn. Mir hunn ni an dësem Dossier iergendeppes onbeäntwert am Raum gelooss an dat wëlle mer och weiderhin net maachen. Ech wëll duerfir nach e puer Saache rappeléieren trotzdem.

Éischt Remarque, déi Diskussioun vun haut déi fënnt jo net am loftleere Raum statt. Déi fënnt statt um Hannergrond vun enger laanger

Debatt déi mer zu Esch an der Gemeng ronderëm déi Fro do haten. D'Fro ronderëm déi europäesch Direktiv, déi eng Liberaliséierung vun de Mäert mat sech bruecht huet. Wou mer eis, mengen ech, wann ech mech gutt erënneren, alleguerten eens waren, dass mer net Demandeur dofir waren. Well déi Analys déi den Här Baum haut gemaach huet, hunn ech fir de Schafferot scho virun 8 Joer hei am Gemengerot gemaach. Nämlech déi fir ze soen, d'Liberaliséierung wäert am Stroummarché fir déi kleng Verbraucher keng stabil Präisser bedeuten. Déi wäerten tendentiell riskéieren an d'Luucht ze goen. A si wäerte fir Grossabnehmer déi an Zukunft besser kënnen verhandelen, tendentiell éischer erofgoen. Dat heescht mir kréien zu engem Stéck wat een nennt eng Sozialiséierung vun enger Rei vu Betribskäschte, déi vun de Betriber eriwwer op Privatleit iwwerdroe ginn. Dat hu mer gesot a mir hunn ëmmer gesot, mir wäerte fir datselwecht kënnen ze maache wahrscheinlech méi héich Fraisen intern hunn. Mir wäerte méi deier sinn am Stroumverkafe wéi virdrun. Net wéinst dem Stroumpreis mä wéinst de Gestehungskäschte vun der Vente. Wat geschitt ass. Mir mussen eng Sociétéit grënne mat Computeren, mat Büren, mat Gebaier an an an, vill méi EDV an esou weider. Dat ass keen neie Moment. Dat ass hei common sense a common knowledge. Dat ass keng Erfindung vun der Lénk, dat huet de Schafferot iwweregens deemools mat der Lénk mat derbäi, deemools hei schonn erkläert.

Zweete Rappel, mir waren eis deemools net alleguerten eens wat dee bessere Wee wier. Do hu mer laang driwwer diskutéiert wat dee bessere Wee wier. An deemools ass et ville Leit ze séier gaangen. Haut hunn ech heiansdo d'Gefill, dass elo probéiert gëtt ze bremsen. Ech géing just wëllen als zoustänneg Schäfte vun deem heiten Dossier zënter 9 Joer een Appel maachen: Déi dote Fro hu mer tranchéiert, komm mir maachen eis elo just alleguerten ee Gefallen, nämlech deem, dass mer den Escher Bierger hirer Firma keng Steng an de Wee méi leeën. Dass mer, egal wat au départ eis Meinung war, haut alleguerte just nach un engem Strang zéien, nämlech un deem Strang, dass et eiser Firma méiglechst gutt geet an Zukunft. Dass alles dat facilitéiert gëtt, wat der Sociétéit et erlaabt besser ze schaffen am Intérêt vun den Escher Leit. Well dorëms geet et. Et geet net méi ëm eis, et geet net méi ëm Parteipolitik, et geet net méi drëms

ze rappéléiere wéi eng Partei wéini bei wat de Fanger warnend gehuewen huet. Et geet drëms, dass déi Firma optimal fonctionnéiert an en optimale Rendement fir hire Besëtzer, dat sinn déi Escher Leit, ofwërf. Näischt méi an de Wee stellen op deem dote Wee.

Nee, Dir sot dat falsch, et ass dat Bild wat ech als Ressortschäfte gäre géng zeechnen, well dorëms geet et fir mech ënnert dem Stréch. Et geet drëms dass mer där Firma hëllef wou mer kënnen. An nëmmen dat ass wichteg! All de Rescht muss manner wichteg si wéi dat. Doriwwer kann een anerer Meenung sinn. Dat ass deen Appel deen ech als Ressortschäfte wëll maachen.

Zweet Remarque, wéi mer mat deem Dossier ëmginn. Wéi gesot, déi Motioun do rennt oppen Dieren an. Mir sinn als Schäfferot gewëllt, dass de Conseil all d'Informatiounen huet. Mä wéi gesot, ech sinn och frou ... ech mengen den Här Knaff dee jo als Vertrieeder vun der Opposition am Conseil de surveillance sëtzt, gesäit dat och esou. Mir mussen awer oppasse wéi eng Informatiounen, dass mer sur la Place publique diskutéieren a wéi eng net. Déi Informatiounen déi allesamt op d'Place publique gehéieren ... Här Jaerling wéi gesot, Är Remarque vu virun hunn ech eescht geholl, dann haalt lech, wann Dir wëllt, un Är eege Remarque selwer. Déi Informatiounen déi allesamt op d'Place publique gehéieren, dat sinn d'Zuele vum comptable Bilan. Déi si kee Geheimnis. Déi ginn am Mémorial publizéiert. La bonne nouvelle, déi si selbstverständlech public. Wat ech awer net wëll gären op der Place publique hei diskutéiert hunn, dofir hat ech jo och en anere Virschlag gemaach wéi mer domat sollen ëmgoen, an dat solle mer, wann Dir d'accord sidd, och esou handhaben. Dat ass d'Strategie hannert deenen Zuelen. Déi Zuele si jo net neutral. Eng Zuel ass eng Zuel, mä do steet och nach eppes hannendrun. An dat muss mer jo net hei eise méigleche Konkurrenten op der Place publique verzielen. Eise Virschlag wier, dass ee sech mam Conseil de surveillance, mat der Verriedung vum Schäfferot a mat deene Conseillere, déi dorun interesséiert sinn, sech a regelméissegen Ofstänn gesäit an enger technescher Réunioun, wou dann dat hannert den Zuele ka gesot ginn. D'Zuelen, déi braucht Dir net ze froen, déi mussen vu Gesetzeswee am Mémorial publizéiert sinn. Dat ass keng grouss Diskussioun. Mä et geet drëms, dass mer d'Erklärungen zu den Zuelen awer net

onbedéngt allegueren op der Place publique maachen. An dann ass natierlech all Conseiller fräi mat sengen Informatiounen ze maache wat hie wëll. Och hei am Gemengerot. Wann hien da mengt dat wär am Intérêt vun der Sociétéit, mä eise Virschlag wier, dass mer eis a regelméissegen Ofstänn, ech géng soen idealerweis no der Generalversammlung déi ëmmer am Juli ass, also kuerz virun der Sommervakanz, duerfir hu mer och do déi lescht dräi Méint net vill gemaach, well dat war ganz kuerz virum 15. Juli, dass mer eis do hannendrun eng Kéier gesinn, an eng Kéier vläicht en cours de route no sechs Méint. Also zweemol am Joer géng ech mengen, wär e vernëfste Rhythmus wou mer da géinge kënnen an enger technescher Réunioun och d'Erklärungen hannert den Zuele vläicht diskutéiert kréien. Géng ech mengte wär net iwwel. Mir kënnen dat och décaléieren, dass mer soen, eng éischte Kéier am Oktober zum Beispill, nom Geschäftsjoer, eng zweete Kéier am Mäerz, do si mir fir all Virschlag op. Eisen Opruff ass just, mer maachen net alles vun der Sociétéit op der Place publique, dat ass net am Intérêt vun der Sociétéit. Dat ass just deen Appel. Fir de Rescht rennt Dir allesamt oppen Dieren an. Mir si fir all Virschlag réceptibel. Mir sinn och fir all Virschlag d'accord zu deem dote Volet.

Och nach eng Kéier wat den Här Zwally gesot huet mat deem Cash free a Fonds de roulement. Dir sot Dir hätt dat eent léiwer wéi dat anert, déi zwee sollten net datselwecht aussoen. De Cash free bezitt sech just op een Aspekt deen och aner Kollegen opgeworf hunn. Deen, dass mir am Budget keng Zuele mussen aschreiwen. Contrairement zu de Parkinge wou mer reell mussen praktesch provisionéieren an eise Budget. Sou, elo kënnt Dir soen, Dir gleeft dat net. Wat soll ech lech soen? Da léien entweder ech, ech beléien dann de Conseil, dat wär awer dann déi éischte Kéier wou Dir mech géngt dobäi erwëschen, oder den Här Léonard belitt mech, ech kann lech näischt anescht soen. Oder déi zwee léien, wéi dass den Här Léonard mir haut de Moien um Telefon nach virun der Gemengerotssëtzung no Récksprouch mam Distriktskommissär verséichert huet, dass bei där heiter Saach, dass bei där heiter Saach, well et jo net ëm eng Garantie de recette geet, well et och eng Duechter vun der Gemeng ass, fir den Intérieur kloer ass, dass mir net mussen an de Budget och nëmmen 1 Euro dra setzen. Mir brauchen also net eise kommunale Budget ze grevéieren heiweinst.

Et geet vëllegen duer wa mer an der Délibératioun soen: Majo, mir ginn déi Garantie an insgesamt als Gemeng kréie mer all Joer Sue genuch iwwer Ordinär an esou weider. Wann e Problem wier, da geet dat duer als Garantie. Domat ass den Intérieur d'accord. Wat soll ech lech elo soen. Elo sot Dir dat wär net wouer, dat géng Dir gäre gesinn. Bon, ech kann lech just soen op den Dag vun haut, den 23. Oktober huet de Marc Léonard, deen zoustänneg ass beim Intérieur fir d'Finanzen, no Récksprouch mam Här Lamperts, mir verséichert dass dat an der Rei wier. Contrairement zu de Parkingen. Wat soll ech lech anescht zielen? Ech hätt alt erwaart Dir géngt soen, gutt Schäfferot, gutt ugeluegt, dass mer dat évitéiert hunn. Mä bon. Dann ass et eben esou.

Dann, déi Remarque, wou kommen déi Scholden hier? Ech hat et agangs erkläert, mä vläicht war dat net kloer genuch. Ech probéieren et dann nach eng Kéier mat anere Wieder. Wann eng Sociétéit bei Null ufänkt, wat jo hei de Fall war, dann huet se entweder Sue well een hir der ginn huet oder se muss sech der siche goen. Esou. Fir de Start. Herno spilt genau dat wat den Här Weidig gesot huet, wann déi Sociétéit bis zwee, dräi, véier Bilansjoren hanneru sech huet, a mir allegueren heibannen net guermanzeg sinn, allegueren net guermanzeg si bei den Ausschëddungen, da leed sech d'Südstroum e Fonds de roulement un. Fir dat do net méi mussen ze hunn. Selbstverständlech wäert si dat maachen. Wa mir allegueren drop verzichten d'Südstroum wéi eng Zitroun ze behandeln, déi all Drëpps Jus muss ginn déi se huet. Wa mer vernëfste sinn an e puer Su an der Sociétéit loosse all Joer, da kritt se iergendwann eng Kéier de Fonds de Roulement mat deem se ka liewen. Esou laang se deen awer net huet, well se bei Null ugefaangen huet als nei Sociétéit, entweder gi mer hir Suen, Här Baum, an dann huet se keng Scholden. Dat hätte mer gemaach duerch d'Kapitaliséierung. Dat huet näischt mat engem komesche Modell, dee komesche Modell wéi Dir sot, dat nennt een eng Kommandite-Gesellschaft. Et ass ganz banal. Dat nennt ee Kommandite-Gesellschaft. Et ass standard. Et ass keng Escher Erfindung. Dat nennt een eng Kommandite-Gesellschaft, ganz banal. Och dat ass net méi komplizéiert. A well mer jo drop verzicht hu se ze kapitaliséieren, hir Suen ze gi fir um Dag Null Suen an der Täsche ze hunn, well dat hätt de kommunale Budget Sue kascht. Wat mer jo all

net wollten. Ergo, musse mer da folgerichtig wa mer dat eent net wëllen dat anert wëllen. D'Realwelt ass net ëmmer schéin. Do kann ee sech d'Léisungen net ëmmer dreemen. Et muss een déi huelen déi et real gëtt an déi Realléisungen déi et gëtt an der Realpolitik si Kapitaliséierung oder Ligne de crédit bei enger Bank. Eng drëtt gëtt et nun emol net. Sou, wat soll ech lech do zielen. Ech muss mat deenen zwou liewen déi et do gëtt. A mir waren all der Meenung, dass d'Kapitaliséierung net déi gutt Solutioun ass, well dat hätt eis Sue kascht, duerfir hu mer léiwer op traditionell Bankgeschäfte vertraut, wou dann eben d'Sociétéit elo fir de Startschuss sech Sue muss siche goen, sech hoffentlech duerno wann d'Geschäfte gutt fonctionnéieren, ka Récklagen uleeën a mat deene Récklagen huet se, wéi de Paul Weidig ganz zu Recht gesot huet, e Fonds de roulement, vun deem se da ka liewen. Wa mir net all Joer all Drëpps erauspressen. Da musse mer och der Sociétéit e puer Sue loosson. Dat ass also dat wat mer do maachen, et ass u sech eng ganz normal Affaire vun deem Moment u wou mir bereet waren, d'Sociétéit esou héich ze kapitaliséieren.

Dann zu de Perspektive vun der Sociétéit. Nach eng Kéier, de Schafferot selwer huet ëmmer, ëmmer gewarnt op engem oppene Marché huet dat Spill zwee Goaler. Dat Spill huet zwee Goaler. Net just ee Goal wou mir draschéissen. Mir spillen elo e Spill wat mer all net wollte spillen, well mer waren net Demandeur fir d'Liberaliséierung, mä dat Spill ass awer elo do. Dat heescht mir musse gutt trainéiert sinn, fir deen dote Match kënnen ze spillen. Well de Géigner spillt mat an de Géigner huet och e Goal wou hie ka Bäll eraschéissen. Dat ass bei eis. Duerfir wann Dir hei vun iergendengem Garantie wëllt fir d'Zukunft, déi ka keen lech ginn. Kee Mensch wäert lech garantéieren, dass mir genau wësse wéi de Stroummarché weltwäit sech wäert entwéckelen. Dat ka keen lech garantéieren. Wat mer lech awer kënnen garantéieren a versécheren, dass de Schafferot an dësem Dossier, wéi an der Vergaangenheet, alles wäert maache fir dass déi beschte Chancen op der Säit vun eiser Firma stinn. Déi beschte Chance sollen op der Säit vun eiser Firma stoen. Garantie gëtt et net. Eng Garantie, Här Baum, wann Dir Garantie gäre gehat hätt, déi hätt Dir kënnen kréien am Kader vun der Liberaliséierung. Déi eenzeg Garantie déi et hätt kënnen ginn, wier gewiescht, mir verkafen an halen op an da wësse mer wat mer kréien an da war et dat. Dat wëll awer mengen ech,

hoffen ech zumindest, bis haut nach ëmmer keen. Dass mir eis do géingen erauszéien. Mir hunn eis fir e Modell décidéiert an dee wäerte mir och duerchzéien. Esou wéi de Schafferot et virdru gesot huet.

E lescht Wuert nach zum Här Baum. Dee Volet vun der Nohaltegkeet, dee wäerte mer erfëlle wéi mer et an deene leschte Jore scho gemaach hunn. Duerch d'Akaafspolitik. Mir hunn eis kloer engagéiert och an de Grënnungstexter iwweregens vun der Sociétéit, wann Dir déi noliest, eng bestëmmten Approvisionnementpolitik ze maachen an zu där sti mer, an och déi Zuele sinn net geheim. Mir wäerten also zwou Saache maachen. Mir verzichten op Atom- a Kuelstroum, dat steet. Mir bauen den Undeel vun erneierbaren konsequent aus mam Zil wéi d'Europäesch Unioun a wéi d'Lëtzebuerger Regierung et ugeholl huet, 20/20/20 (20% manner CO2 an 20% erneierbar Energie am Joer 2020), dozou sti mer. Bei eiser Approvisionnementpolitik, mir stinn zu deenen Engagementen. A mir wäerten drëttens ab dem nächste Joer och e Stroumproduit op de Marché bréngen als Südstroum, deen 100% erneierbar ass fir déi Clienten déi dat wënschen. Mä parallel dozou wäert am normale Mix och den Undeel vun den erneierbare wéi mer eis an de Grënnungstexter vun der Sociétéit engagéiert hunn ... dat steet do dran. Dat steet an deene Grënnungstexter. Dat muss elo net all Kéiers nei bestätegt ginn. Dat steet am Acte constitutif vun der Sociétéit. A selbstverständlech wäert d'Sociétéit d'Engagementen déi se virum Conseil geholl huet, well mir se esou votéiert hunn hei, wäert déi Sociétéit selbstverständlech respektéieren.

Daniel Codello (LSAP): D'Fro zu der Auslagerung?

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Zu der Auslagerung nach eng Kéier, wat de Schafferot décidéiert huet, hei am Gemengerot mat lech all zesummen, ass d'Sociétéit Südstroum. Dat ass dat wat mir wëlle maachen. Mir sinn, wann Dir dat falsch verstanen hutt, soen ech et nach eng Kéier, well wann Dir mech zitéiert, da muss Dir et ganz maachen. Mir verwieren eis kenge Gespréicher mat der Regierung, mä da muss Dir et ganz zitéieren, de Schafferot ass net dovun iwwerzeegt, dass mir mussen eis Südstroum an eng Enos oder Enovos oder Creos eriwwe ginn. Mir sinn net där Meenung. Mir mengen, dass eist Gléck, esouwäit mer de Marché haut 2009 kënnen iwwerkucken, doranner besteet eis Südstroum esou wéi

mer et hei beschloss hunn an deenen Texter, 100% sech opstellen, an dass se Partnerschaften mat Sudgaz ustriewen an dass mer dann zesummen dee Match do packen. Dat ass dat wourunner mir felsefest gleewen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote. De Contrat de garantie.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal accepte le contrat de garantie envers la BCEE par 16 voix oui et 1 abstention.

Ont voté oui: Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Spautz et Tonnar, ainsi que les conseillers Baum, Becker, Codello, Hannen, Hildgen, Huss, Knaff, Roller, Snel, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Le conseiller Jaerling s'est abstenu.

Sou, d'Motioun nach.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Wéi gesot, mat där Aschränkung, dass mer dat net op der Place publique maachen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte à l'unanimité des voix la motion présentée par le conseiller Baum:

De Gemengerot, well hien en berechtigt Uleis huet, iwwer déi finanziell Situatioun an d'Evolutioun vun engem Betrib mat

100% Bedeelegung vun der Gemeng informéiert ze ginn, well hien s'ech dem entsprechenden Avis vun der Finanzkommissioun vum 21.10.09uschléisst, fuerdert de Schäfferot op, dem Gemengerot regelméisseg de Bilan vu Sudstroum s.à r.l. ze presentéieren an de Gemengerot iwwer déi finanziell Situatioun vu Sudstroum s.à r.l. ze informéieren.

Wëll Dir Är Abstentioun erklären, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Nee, ech wollt jo stëmmen. Ech war am falsche Film.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, da maache mer e Redressement de vote.

6. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage):

Mir kommen da bei de Punkt 6, Questions de personnel an déi huet haut a Vertriebung vun eisem Personalschäffen, den Här Schäffen Tonnar.

